N°357
Entrée le 25.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 357 vum 19. Februar 2024 vum Här Deputéierte Jeff Engelen.**

*Fro 1: Leit der Regierung, ewéi vum deemolege Minister ugekënnegt, schonn en APD iwwert de Contournement vun Hengescht vir? Wann nee, wéini ass mat dësem APD ze rechnen?*

De Projet vun der Securisatioun vun der Nationalstrooss N7, wéi e vun der Chamber de 1. Juli 2021 gestëmmt ginn ass, ass an 3 Sektiounen opgedeelt. Dat éischt Deelstéck verleeft vum Fridhaff bis op d'Houschter-Déckt, dat zweet Deelstéck geet da vun Housen weider bis op Maarnech an dat drëtt vu Fëschbech bis op Wäiswampech.

D'Aarbechten un der éischter Sektioun fänke viraussiichtlech am Joer 2025 un. Duerno gëtt déi zweet Sektioun am Kader vun den Aarbechten un der Ëmgeeungsstroosse vun Housen realiséiert. Eréischt wann dës Aarbechten ofgeschloss sinn, gëtt d' Ëmgeeungsstroosse vun Hengescht mam drëtten Deelstéck bis op Wäiswampech realiséiert.

De Virentworf vum Projet (avant-projet sommaire APS) vun der Hengeschter Ëmgeeungsstrooss gouf den 3. Juli 2023 vu mengem Virgänger approuvéiert. Den detailléierte Virprojet (avant-projet détaillé APD) gëtt op Basis vum approuvéierte Virentworf awer eréischt zu engem spéideren Zäitpunkt fäerdeggestallt. De Projet vun der Hengeschter Ëmgeeungsstrooss befënnt sech wéi ugangs beschriwwen op der drëtter a leschter Sektioun vun der Securisatioun vun der N7 a besëtzt dowéinst zu dësem Zäitpunkt nach net déi néideg Prioritéit.

Deementspriechend leit nach keen detailléierte Virprojet vir, den d'Basis fir d'Ausschaffe vum Finanzéierungsgesetz duerstellt.

*Fro 2: Gëtt aktuell un engem Gesetzesprojet iwwert de Contournement vun Hengescht geschafft? Wou ass dëse Gesetzesprojet aktuell drun a wéi laang wäert et viraussichtlech nach daueren, bis dësen der Chamber zum Vott ka virgeluecht ginn?*

Esou laang keen detailléierte Virprojet virläit, ka kee Finanzéierungsgesetz ausgeschafft ginn.

Eréischt wann all dës Etude bis ofgeschloss sinn, kann deemno eng Zäitschinn fir de Projet vum Contournement vun Hengescht matgedeelt ginn.

*Fro 3: Huet d'Regierung schonn éischt Informatiounen doriwwer, wéini d'Aarbechten um Contournement vun Hengescht wäerte kënnen ufänken a wéi laang dës Aarbechte wäerten daueren?*

Wéi schonns an der viregter Fro duergeluecht, kann nach keng Zäitschinn fir d'Aarbechten un der Hengeschter Ëmgeeungsstrooss matgedeelt ginn. Et sief awer lo schonns drop higewisen, datt no der aktueller Planung d'Aarbechten net virun 2030 wäerten ufänken kënnen.

Lëtzebuerg, den 22. März 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes